ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Februar 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten weiderzeleeden:

Am Wort vum 25.1.2019 war ze liesen, datt op der N33 weiderhin nëmmen eng Fuerspur op ass, an dëst wéinst engem Effondrement, den héchstwahrscheinlech op déi ënnerierdesch Aktivitéite vum Eisenerzofbau zeréckzeféieren ass. Et ass gewosst, datt sech do Galerien op dräi Niveaue befannen.

Aus der Äntwert op eng parlamentaresch Fro vum honorabelen Deputéierte Marc Spautz vum 16.1.2019 ass ze gesinn, datt grad Etüden iwwer déi Problematik gemaach ginn an deemno gëtt op eng spéider Äntwert vum zoustännege Minister verwisen.

Geologesch Studie liwweren zwar wäertvoll Erkenntnisser iwwert den Ënnergrond, kënnen awer keng absolut verlässlech Viraussoen iwwert d'Verhale vum Ënnergrond beim Zesummefale vun ënnerierdesche Galerien opstellen. Bestoend Infrastrukturen am Minette si vun där Problematik betraff an och hei ass e méigleche Risiko net, oder nëmme ganz beschränkt, ze quantifizéieren.

An der Presse war Enn 2018 ze liesen, datt beim Emplacement vum geplangte Wandpark zu Uewerkuer e gewaltege Krater agefall war, wuel opgrond vun deene selwechten Ursaache wéi op der N33.

An deem Sënn hunn ech folgend Froen un den Här Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten:

1. Wär et wéinst där imprevisibeler Stabilitéitssituatioun vun de Galerien um Site vun dem geplangte Wandpark zu Déifferdeng net ubruecht, fir zousätzlech Infrastrukturen, wéi z.B. e Wandpark, op där Plaz aus Sécherheetsgrënn ze verbidden?
2. Wéi eng geologesch Etüden si bis elo iwwer dee geplangte Site fir e Wandpark zu Déifferdeng gemaach ginn? Wéi eng ginn nach gemaach? Wéi eng Instanze gi mat deenen Etüden beoptraagt? Sinn do och Spezialisten aus dem Ausland

bedeelegt, beispillsweis aus de Kuelenofbaugebidder am Ruhrgebitt oder aus gréisseren Eisenerzgebidder aus Louthrengen?

3. Wandparke ginn dacks vu Societéite bedriwwen. Besteet net de Risiko, datt bei engem Effondrement vum Buedem an engem doduerch verursaachten Ëmfale vun enger Wandmillen, d'Bedreiwersocietéit muss a Faillite goen an duerno kee méi fir de Réckbau ka verantwortlech gemaach ginn?
4. Wien dréit d'Verantwortung am Fall vun engem eventuellen Effondrement vun enger Wandmillen op dem Déifferdenger Site, wa bis eng Bauerlaabnes virläit? Wie misst fir d'Entschiedegung vun eventuellen Affer opkommen, wann trotz der instabiller Situatioun vum Site eng Bauerlaabnes géif ausgestallt ginn?
5. De Käschtepunkt vun engem Réckbau beleeft sech laut engem rezenten Artikel op 650.000 bis 850.000 € (http://www.economiematin.fr/news-60-000-proprietaires-menaces-de-faillite-par-les-eoliennes). Misst deemno net eng Societéit vun engem Wandpark déi Zomme vun Ufank un als Kautioun hannerleeën, als Garantie fir e spéidere Réckbau?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten